

europäeschen Integratiounsprozess, wéi et hinnen oft bewosst ass. Den Här Fayot huet elo nach un eng Partie Prerogativen, déi d'national Parlamenter hunn, erënnert.

Ech wëll nëmme just soen, datt mir déi sinn, déi Traitéë ratifizéieren. Mir sinn déi, déi d'Erweiterunge ratifizéieren. Mir sinn déi, déi kënnen an engem fréie Stadium Texter analyséieren.

Ech wollt och do... Déi Regierung hei, déi ass elo eriwwer, grad wéi och déi Regierung virdrun an och déi Regierung virun där. Déi hunn et allen dräi versäimt, fir eis endlech eppes ze ginn, wat mer scho laang reklameiert hunn, nämlech eng Note explicative bei all Text, deen d'Chamber pour avis soumettéiert kritt.

Déi Note explicative brauch keng Literatur ze sinn. Et geet duer mat enger hallwer Sait, wou mer engersäits den Enjeu européen an op där anerer Sait den Intérêt national mentionnéiert kréien. Da wësse mer schonn, wéi mer eis mussen orientéieren, fir an der Analys vun deenen Texter weiderzekommen.

Dat si bestëmmt keng 50 Dokumenter, déi d'Joer wichteg sinn, mä vläicht eng hallef Dosen, déi awer fir Lëtzebuerg eng enorm Importenz hunn. Dat géif eis wesentlech d'Aarbecht erlichteren, wa mer dat direkt am Ufank, wou mer d'Texter fir d'éischt gesinn, vun der Regierung matgedeelt krien.

Dat dierft jo och net esou schwéier sinn. Well am Virfeld vum Dépôt vun enger Proposition de texte vu Bréissel ginn et Diskussiounen an Aarbechtsgruppe respektiv am COREPER. D'Regierung kritt jo och Noten, dann dierft et och net schwéier sinn, datt d'Chamber deeselwechte Wëssensstand kritt. An ech mengen, et wier och gutt, esou wéi haut och d'Milieux professionnels sech interesséiere fir déi do Saachen, datt d'Chambres professionnelles am Fong, déi dann och fir Avis gefrot gi bei engem Dokument, um selwechte Wëssensstand wieren.

Ech wollt och dat begrëissen, wat an dëser Legislaturperiod un Aarbechte gemaach ginn ass a puncto Aviséiere vun europäeschen Texter. An ech wollt och do dem Rapporteur an och dem President vun der Commission des Affaires étrangères, dem Ben Fayot, wierklech - dat soll keen eidelt Kompliment sinn; ech hätt net gär, datt en et esou géif opfaassen - Merci soen am Numm vun alle Kollege fir déi Aarbecht, déi en do gemaach huet. Wa mer haut nach net esou wäit sinn, wéi mer eis dat alleguerte gewënscht haten, ass et doudsécher net seng Schold.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Goerens. Mir kommen elo zur Ofstëmmung...

(Interruption)

Den honorabelen Här Henckes, wann ech geliift.

» **M. Jacques-Yves Henckes (ADR).** - Här President, ech wollt just soen, datt d'ADR natierlech mat där Proposition hei d'accord ass, mä datt mer awer och wëllen drop hiweisen, datt verschidden Ausféierunge vun deem Gesetz awer missten och an onser Verfassung stoen: d'Relatiounen vis-à-vis vun der Chamber a vun der Regierung. Dofir hu mer eng Proposition de loi an deem Sënn déposéiert.

Mir sinn och der Meenung, datt et wichteg ass, datt déi Relatiounen, wa verschidden Traitéë géinnert ginn, wann Elärgissementer virgesi ginn, datt een och do Méiglechkeete virgesäit, fir den Dialog mat der Populatioun ze schafen. Dofir si mer also mat deem Text hei d'accord, mä mir maachen awer verschidde Reserven, datt dat heiten ons net wäit genuch geet, well een heiansdo gesäit, datt dat eent oder dat anert net esou klappt. An dofir hätte mer gäre méi verfassungsrechtlech Rechter, notament fir d'Oppositioun, also fir eng Fraktioun.

» **M. le Président.** - Merci, Här Henckes.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung.

Vote sur la proposition de modification du Règlement

Vote par procuration.

Huet et geklappt, Här Etgen?

(Interruption)

Neen, et feelen nach zwee Voten. Elo nach een.

Den Text ass ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Résultat définitif après redressement: la proposition de modification du Règlement 5979 est adoptée à l'unanimité des 58 votants.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par Mme Anne Brasseur) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen).

Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn als nächste Punkt op eisem Ordre du jour de Projet de loi 5953 iwwer eng Kläranlag an de Muselsgemengen. Dee Projet dauert wahrscheinlech ongeféier eppes weider wéi eng hallef Stonn. An duerno kënnt de Projet vun der Fusioun vun de Gemenge Clief, Heischent a Munzen. Also, eppes weider wéi eng hallef Stonn. De Rapporteur huet elo d'Wuert, den honorabelen Här Sunnen.

5. 5953 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à participer au financement des travaux nécessaires à l'évacuation et à l'épuration des eaux usées générées par les communes de la Moselle supérieure

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Fred Sunnen (CSV), rapporteur.** - Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, haalt lech gutt un, elo kënnt meng zweetlescht Ried hei an dësem héijen Haus. Och wann ech jo bekanntlech am allerdéifste Süden doheem sinn, esou läit mir dësse Projet vun der Kläranlag op der Musel awer um Häerz. An dat, well ech familiär Wuerzelen an deem Eck vum Ländchen hunn.

Komme mer elo zum Text, iwwert dee mer geschwë wäerten ofstëmmen.

De Projet, deen et der Regierung erlaabt, sech un der Finanzéierung vun den Aarbechte un enger Kläranlag op der Uewermusel ze bedeelegen, ass de 7. November 2008 vum Innenminister hei an der Chamber déposéiert ginn.

Den 3. Februar 2009 huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. An dësem Avis - dorop wäert ech nach spéiderhin zrëckkommen - huet déi héich Kierperschaft eng ganz Rei vu Kritike formuléiert.

An der Réunioun vum 19. Februar 2009 sinn ech vun der Intérieurskommissioun zum Rapporteur vun dësem Projet ernannt ginn. De Minister huet eis an der Sëtzung och de Projet en détail virgestallt, a mir hunn den Avis vum Statsrot analyséiert. No dëser Réunioun an no Vue vun de Kritike vum Statsrot, huet d'Regierung den Text amendéiert, andeems de ganze Projet reformuléiert a reorganiséiert gouf. Dës Keier war den Text och vun Tableaux a Pläng begleet.

De 5. Mee 2009 - ech ka mech nach un deem Dag erënneren, wéi wann et virgësch gewiescht wär - huet de Statsrot du säin Avis complémentaire zum amendéierten Text ofginn. Net méi spët wéi de 6. Mee 2009 huet d'Intérieurskommissioun dësen Avis analyséiert an de virleiende Rapport ugehall.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer, datt ech elo op de Contenu vun

dësem Gesetzesprojet iwwerginn. Wéi scho gesot, erlaabt dësen Text et der Lëtzebuerger Regierung, sech um Finanzement vun den Aarbechte fir d'Klärung vum Ofwaasser vun den Dierfer un der Uewermusel ze bedeelegen. D'Dépense geet aus dem Waasserwirtschaftsfong.

De Projet gesäit vir, d'Ofwaasser aus de Gemenge Schengen, Wellesteen a Réimech ze sammeln a se ënnert der Musel duerch Richtung Industriezon Perl-Besch an Däitschland ze leeden, wou dann eng gemeinsam Kläranlag gebaut gëtt mat der Bedeelegung vun der Gemeng Perl. Dës Kläranlag ass noutwendeg, fir enger europäescher Reglementatioun nozekommen, déi den Agglomeratiounen mat méi wéi 2.000 Awunnergläichwäerter op d'mannst e biologeschen Traitement vum Ofwaasser operleet. Am Moment gëtt nach alles méi oder manner direkt an onbehandelt an engem Égouts-System an d'Musel geleet.

Här President, Léif Frëndinnen a Frënn, erlaabt mir, datt ech kuerz de Kontext ëmräissen, an deem dës Anlag entsteet. Ech wäert lech elo op dëser Plaz kee Virtrag iwwert de Floss Musel halen. Ech denken, Dir kennt all déi wichteg Facteuren. Ech wëll éischter op d'Situatioun vun der Épuratioun vum Waasser hei am Land, a méi speziell op der Musel agoen.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Zu Lëtzebuerg sinn 90% vun den Haushalter un eng öffentlech biologesch Kläranlag ugeschloss, vun deenen et der am ganzen 111 op eisem Territoire gëtt. Vun deenen aneren 10% si 5% un eng mechanesch Kläranlag ugeschloss, a 5% vun eiser Bevölkerung huet guer keng Kläranlag, an dat haaptsächlech an der Musel-gegend.

Fir datt de Grand-Duché d'Objektiver vun der europäescher Waasserkaderdirektiv, déi mir jo eréischt am Dezember 2008 an nationaalt Recht ëmgesat hunn, erreeche kann, mussen mir eis am Domän vun der Waasserwirtschaft weider fir de Bau respektiv d'Moderniséierung vu Kläranlagen asetzen.

D'Ofwaasser - wéi scho gesot - leeft ongekläert an d'Musel. Et kënnt engersäits vun den Haushalter an anersäits vun de kommerziellen an touristeschen Aktivitéiten a selbstverständlech och aus dem Wäibau. Fréier sinn d'Ofwässer duerch de Pouvoir auto-épuration, also d'Selbstreinigungskraft vum der Musel, méi oder manner gutt verquësst ginn.

Am Moment ass et awer esou, datt duerch d'Efforten, déi a Frankräich an an Däitschland gemaach goufen, an de leschte Joren et zu enger besserer Waasserqualitéit vun der Musel komm ass. Heiduerch huet de Fait, datt mir ongekläert Ofwaasser an d'Musel kéieren, natierlech en direkten negativen Impakt op d'Waasserqualitéit.

Heiwéinst a weinst der Direktiv 91/271, déi - wéi scho gesot - virschreift, datt Agglomeratiounen mat méi wéi 2.000 Awunnergläichwäerter op d'mannst e biologeschen Traitement vum Ofwaasser virgesinn, ass de Bau vun dëser Kläranlag néideg. En vue vun dëser Situatioun hunn déi Verantwortlech vun de Lëtzebuerger Gemenge Réimech, Wellesteen a Schengen déi däitsch Gemeng Perl an den Entsorgungsverband Saar kontaktéiert, fir zesummen d'Dépollitioun vun der Uewermusel unzegoen. Well un Ufank u gewosst war, datt et schwierig wär, op der Lëtzebuerger Sait e Site ze fannen, gouf d'Décisioun geholl, déi zukünfteg international Kläranlag op der däitscher Sait an der Industriezon Perl-Besch ze bauen.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech ginn lech elo e kuerzen Aperçu technique vum Projet, verweisen awer fir d'Detailer op mäi schrëftleche Rapport, den Exposé des motifs an och op den Dossier vun den Amendementen. Do ass alles ganz genau explizéiert.

Den Évacuationsréseau ass op der Lëtzebuerger Sait fir d'Dierfer Schengen, Rëmerschen, Wëntreng, Schwéidsbengen, Bech-Maacher, Wellesteen an d'Stad Réimech. Op der däitscher Sait ginn Nennig, Besch, Perl, Oberperl a Sehndorf un d'Anlag ugeschloss.

D'Kläranlag huet eng Capacitéit vun 23.000 Awunnergläichwäerter. Dovunner sinn der 15.610 fir d'Lëtzebuerger Gemenge reservéiert. Dës Capacitéit ass esou festgeluecht ginn, datt och der zukünfteger Entwécklung vun der Populatioun an den ekonomeschen Aktivitéite Rechnung gedroen ass. Vum techneschen Aspekt hier gesinn, gesäit de Projet vir, d'Ofwaasser vun deene verschiddene Lokalitéiten ze sammeln a se ënnert der Musel erduerch op Perl-Besch an d'Kläranlag ze leeden.

Well déi ganz bestehend Kanalisatiounen der vum Type mixte sinn, dat heescht, souwuel Ofwaasser wéi och Reewaasser véhiculéieren, mussen se mat Opfangbecken équipéiert ginn. Heifir ginn op der Lëtzebuerger Sait zwielef Iwwerlafbecken tëscht Schengen a Réimech gebaut.

D'Évacuatioun vum Waasser gëtt op enger Längt vun eelef Kilometer vun der franséischer Grenz bis op Réimech duerch e Pompelsystem garantéiert. Fënnf Pompelstatiounen si virgesinn: jeeweils eng zu Schengen, Rëmerschen, Wëntreng, Bech-Maacher a Réimech. Duerno gëtt d'Ofwaasser iwwer eng Sechspompelstatioun op der Héicht vu Schwéidsbengen, méi genee beim Camping vu Schwéidsbengen, duerch e Kanalsystem ënnert dem Muselbett erduerch a Richtung Kläranlag geschéckt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no dësem dach méi ustrengenden an dréchenen, techneschen Deel, kommen ech elo zu deem, wat eis am meeschten interesséiert, dem finanziellen Impakt vun där ganzer Geschicht hei.

Insgesamt kascht d'Mise en place vun der Kläranlag de Lëtzebuerger Stat 43.250.000 Euro. Dës Montant bleift an der Enveloppe budgétaire, esou wéi et an der Programmation pluriannuelle vum Waasserwirtschaftsfong virgesi war. Et muss een allerdéngs soen, datt d'Estimatiounen vun de Phasen 2 an 3 selbstverständlech nach net esou prezis si wéi fir déi éischt Phas. Dës enorm Ausgabe ginn a si schonn an enger éischter Etapp vun de concernéierte Gemenge virfinanzéiert ginn, déi dann awer aus dem Waasserwirtschaftsfong rembourséiert ginn.

Här President, Léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, datt ech zum Schluss nach kuerz op d'Aarbecht vum Statsrot an der Chamberskommissioun aginn. De Statsrot huet a sengem éischten Avis eng Rei Froen opgeworf, op déi ech elo net weider agoe wëll. Et sief awer gesot, datt déi héich Kierperschaft sech fir d'Opspléckung vum Projet an e puer Phasen ausgeschwat hat fir dat, wat de finanziellen Engagement vum Stat ugeet.

Ausserdeem huet de Statsrot bedauert, datt am Projet keng detailléiert Pläng ze fanne waren. An der Chamberskommissioun hu mir laang a kritisches iwwert den Dossier diskutéiert, an d'Regierung huet doropshin en amendéierten Text bei de Statsrot geschéckt, an deem si villen Observatiounen Rechnung gedroen huet, notament dat, wat mat der Opspléckung ze doen huet. De Statsrot war am Groussen a Ganze mat den Ännerungen zefridden an huet säin Accord zum Text ginn.

Här President, ech denken, datt och Dir mat alle Kolleeginnen a Kolleegen heibannen no mengem Exposé d'Noutwendegkeet vun dëser Kläranlag erkannt hutt. Duerfir bieden ech lech, der Regierung fräi Hand ze ginn an d'Erlaabnis ze ginn, hiren Deel vun der Finanzéierung vun der Kläranlag un der Musel ze garantéieren.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Sunnen Merci. Als éischte Riedner ass den Här Carlo Wagner age-droen. Här Wagner, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir d'Alleréischst dem Rapporteur, dem honorabelen Här Sunnen, félicitéiere fir säin exzellente schrëftlechen a mëndleche Rapport. En huet dat mat deem - wat ech géif nennen - fir hien übleche Brio gemaach, an et huet ee richtig erausgespuert, dass e mat Stolz zënter kuerzem neie Miseler ass. Wëllkomm op der Musel, Här Rapporteur!

(Interruptions)

Den Här Rapporteur war esou prezis, dass ech wëll verzichten, hei op weider Detailer anzegoen, an och wëll Répétitiounen évitéieren, well mer hei haut de Mëtteg

ënner Zäitdrock sinn, well awer och op där anerer Säit, muss ech soen, ganz vill Frënn douewen aus dem Norde mat Ongedold op hire Projet de loi waarden.

Ech wëll just awer dorun erënneren, dass mat deem heite Projet, wou mir als Demokratesch Partei terribel begrëissen, mir awer och bedauern, dass en esou spéit komm ass an dass heimadder awer héchstens oder kaum een Drëttel vun der Musel sanéiert ass. Iwwert zwee Drëttel vun der Musel kennen nach keng Kläranlagen. Dat ass déi ganz ënnescht Musel. Mir an der Demokratescher Partei hoffen also, dass endlech och dee Projet géif sprochräif ginn, an dass dee kéint an der nächster Legislaturperiod esou schnell wéi méiglech duerch d'Chamber goen.

Dat gesot, wëllt selbstverständlech d'Demokratesch Partei hiren Accord zu dësem ganz flotte Projet ginn.

Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Carlo Wagner Merci. Als nächste Riedner ass den Här Jos Scheuer agedroen. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

(Brouhaha et interruptions)

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass et elo esou wäit. Den Här Sunnen, den neie Miseler, kann net méi esou fëschchen, wéi en dat fréier gemaach huet am lëfsten, wéi en am meeschte Fësch gefaangen huet, an do wou en am meeschte Fësch gefaangen huet, nämlech am dréiwe Waasser.

(Brouhaha général)

Wann een nämlech Fësch fänke wëllt, da geet ee sech dohinner setzen, wou d'Waasser am dréifsten ass, an dat ass do, wou d'Égouten erakommen.

Här Sunnen, Dir wësst dat. Dat ass elo eriwwer a fënnef Joer, op d'mannst op der Uewermusel. Da musst Der lech technesch e bësse verbessern. Da fänkt Der vläicht uewen nach e Fësch.

Op jidde Fall ass elo...

» **M. Carlo Wagner (DP).** - Da wësse mer, firwat dass Dir geplënnert sidd!

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Op jidde Fall gëtt elo d'Uewermusel sanéiert. Et bleift awer de Problem vun dem Rescht vun der Musel. Zwee Drëttel sinn nach net sanéiert heimadder.

Ech froen dann och den Här Minister, wéi et ass mat de Kläranlagen op der Ënnermusel, virun allem am Beräich vu Waasserbëlleg, Gréiwemaacher. Déi Kläranlag soll jo kommen an de Mäerterter Hafen um Territoire vun der Gréiwemaacher Gemeng op eng Plaz, wou een net esou glécklech ass doriwwer, nämlech an eng Zone économique.

Et muss een, fir d'Wourecht ze soen, awer och feststellen, dass beim Plange vun de Kläranlagen ëmmer d'Wéngerte Prioritéit hate virun der Sanéierung vun der Musel. Dat ass esou. Egal wéi d'Qualitéit vum Wéngertareal war an ass, eng Kläranlag konnt net dohinner gebaut ginn. Elo si mer frou, dass trotz deem Mangel u Plaz, dee besteet, gebaut soll ginn op der Ënnermusel. Eng Fro: Huele mer och déi däitsch Säit mat? Et ass eng gutt Saach, dass mer Accordé fonnt hu mat eisen Noperen.

(Brouhaha général)

Domadder gi mer ganz ville Schwierigkeiten op der Lëtzeburger Säit, och politesch Schwierigkeiten, aus de Féiss. Mir hunn dat fäerdeg bruecht fir d'ëischt an de 70er Joren zu lechternach, fir en däitsch-lëtzebuergesche Syndikat ze maachen. Duerno ass et zu Rousport gemaach ginn. Duerno ass et zu Mompech gemaach ginn. Elo maache mer dat och op der Musel.

Vläicht komme mer derlaanscht, fir et op der Ënnermusel ze maachen.

(Interruption)

Mir hunn d'Karlsruher Accordé benotzt, fir op eng effikass Aart a Weis a séier kënne grenziwwerschreidend zesummeneschaffen.

Ech wollt dann nach eng Fro stellen am Zesummenhang mat dëser Kläranlag fir den Haff Réimech. Et ass evident, dass d'Spëtzenzäiten op der Musel an der Be-laaschtung vun der Kläranlag entstinn, wann déi héchste wirtschaftlech Aktivitéit op der Musel ass, an dat ass an deem Moment, wou d'Drauwe gelies ginn. Doraus ergi sech dann och Konsequenze fir d'Wënzerbetreiber, déi a bestëmmten Zäite jo ganz vill Waasser notzen. Déi do Kläranlag weist jo vum Konzept hier, dass derfir gesuergt gëtt, dass eng Virklärung stattfënnt an deene berühmte Bassins de rétention. Ech ginn dovun aus, dass dat déiselwecht sinn, déi op Däitsch RÜB heeschen.

D'Fro ass: Wat fir eng Konsequenzen huet dat fir d'Wënzerbetreiber? Dat ass jo am Virfeld och vill diskutéiert ginn.

Dir Dammen an Dir Hären, dat hei ass e Projet, op deen hu mer während Joren an, ech géif soen, während Jorzéngte gewaart. Dat ass eng gutt Saach. Dat ass den Ufank, dass ass wierklech den Ufank fir ee Schwaachpunkt am Lëtzeburger Ökosystem ze behiewen. Et ass schonn e bësse esou, mir hunn eis misse schummen, am Verhältnis souguer zu de Fransousen an och am Verhältnis zu den Däitschen.

Ech wënschen dem Här Sunnen dann och Chance, wann en elo probéiert, a méi prosperem Waasser e Fësch ze fänken. Ech hoffen, dass d'Musel dann iwwert déi ganz Lëtzeburger Streck och méi propper gëtt.

Här Goerens, wann de President et erlaabt.

» **M. Charles Goerens (DP).** - Ech wollt froen, ob den Här Steinbrück sech och finanziell mat doru bedeelegt.

» **M. Jos Scheuer (LSAP).** - Ech weess net. Ech weess net, ob et den Här Steinbrück ass, deen sech bedeelegt. Ech mengen, et ass deen net. Ech mengen net.

(Hilarité)

Ech mengen net. Ech mengen, et ass d'Land...

(Interruptions)

Ech mengen, et ass d'Saarland, wat mat dora klëmmt. D'Saarland, awer net den Här Steinbrück.

(Interruptions)

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Scheuer Merci. Als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

» **Une voix.** - Ass dat e Sozialist?

» **M. Henri Kox (DÉI GRÉNG).** - Jo, ech wollt mech awer och elo de Mëtteg hei kuerz halen. Ech kéint jo laang a wäit a breet iwwert déi Kläranlag hei diskutéieren. Ech wëll awer fir d'ëischt dem Rapporteur villmools Merci soe fir deen exzellente Rapport, souwuel schrëftlech wéi mëndlech.

Ech wëll awer zwee, dräi Detailer nach weiderginn hei zu där Kläranlag. Et ass virdru gesot ginn, si géif eréischt a fënnef Joer a Betrib goen. D'Gemengen hunn effektiv hei schonn e bësse virgeschafft. Et ass net méi spéit wéi am Hierscht, wou dës Kläranlag schonn a Betrib geet. Duerfir war d'Urgence aus Gemengesiicht ganz grouss, well d'Gemengen eng ganz Rei finanziell Virleeschunge gemaach hunn. Net méi wéi siwe Milliounen huet d'Gemeng Réimech elo méttlerweil fir déi Kläranlag virfinanzéiert.

Duerfir sinn ech frou am Numm vun deenen dräi Gemenge Schengen, Wellesteen a Réimech, dass dëst Gesetz elo nach hei an dëser Legislaturperiod ka gestëmmt ginn.

Virdrun ass gesot ginn, ob den Här Steinbrück dann och sech géif bedeelegen. Dat ass net den Här Steinbrück, mä et ass den EVS, dat ass den Entsorgungsverein aus dem Saarland, an dee bedeelegt sech natierlech un der Kläranlag à raison vun hirer Part vu 40%. Dat sinn am ganze fënnf Milliounen.

Duerfir, ech maachen et kuerz, ech soen lech villmools Merci fir d'Ënnerstëtzung vun der Kläranlag. An net méi spéit wéi d'nächst Joer kënne mer dann erëm drasprangen.

Merci.

» **M. le Président.** - Ech soen dem Här Kox Merci. Ech hat zwar elo nach hei als Riedner den Här Robert Mehlen agedroen, mä vu dass den Här Mehlen net do ass, géif ech direkt d'Wuert ginn un den Innenminister, den Här Jean-Marie Halsdorf.

(Brouhaha général)

» **M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du**

Territoire. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, nun, well d'Chamber esou schnell an dësem Fall geschafft huet, war et méiglech, dass de Fred Sunnen haut da konnt seng zweetlescht Ried hei als Rapporteur vun dësem Projet de loi halen.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Dat ass och an deem Sënn remarquabel, well hien och derbäi war, wéi d'Grondsteeleung zu Pärel war. Hien huet do also am Fong geholl scho verstanen, dass hien also sollt dëse Projet zu Enn féieren. E Projet, deen u sech a mengen Aen iergendwéi - géif ech soen - e Meilesteen ass hei an der Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg.

Iwwerhaupt géif ech mer erlaben, ze soen, der Ofwaasserpolitik hei zu Lëtzebuerg steet d'Zuel néng gutt, well 1999 huet d'Regierung decidéiert am Kader vum Budgetgesetz, fir de Gemengen 90% bäzeginn, wa se Kläranlage bauen, well mer wierklech e grouse Retard haten an deem Beräich am Kader vun der Europäescher Unioun.

An elo, zéng Joer méi spéit, nees eng kéier am Joer 2009, bréngt mer et fäerdeg, mengen ech, nach dëst Joer, dass d'Musel definitiv an de Kläranlagenzäitalter erakënn.

Et ass esou, dass dëse Projet jo vun 43,25 Milliounen d'Ënnermusel soll da klären. Vum Projet vun der Uewermusel, deen de Jos Scheuer ugeschwat huet, do kann ech him och matdeelen, dass mer do esou wäit sinn, dass dës Woch en Dëschdeg e Comité d'accompagnement war, dass de Projet elo all intern Instanzen duerchgaangen ass, dass e mat gréisster Wahrscheinlechkeet am nächste Regierungsrot muer an aacht Deeg, also de 15. Mee, wäert ugeholl ginn, an da kann en och an der Chamber déposéiert ginn.

Ech ginn dovun aus, dass en an der nächste Legislaturperiod, dat wär jo dann am Hierscht, scho ka gestëmmt ginn. Sou dass wierklech am Joer 2009 mer et fäerdeg bruecht hunn, wierklech op der Musel net nëmme no der Kanalisatioun dann och d'Kläranlagenzäitalter alauden ze loosse. Dat ass eng Geschicht, déi, ech fannen, ee soll ervirsträichen. An dat weist och, dass d'Iddi, fir am Joer 2004 eng Waasserwirtschaftsverwaltung an d'Liewen ze ruffen, Friichte bruecht huet.

Ech hunn och nokucke gelooss, wéi et mat den Investissementer gaangen ass am Ofwaasserberäich. Ech soen lech, dass an dëser Legislaturperiod, also vun 2004 bis 2009, am Ganzen 218,27 Milliounen Euro am Ofwaasserberäich iwwer e Fong bezuelt gi sinn. Dat ass en décke Batz Suen, an et wäerten der nach vill mussen investéiert ginn, wa mer eis wëllen en phase bréngt mat der Waasserrahmenrichtlinie, déi jo virgesäit fir 2050, ekologesch a chemesch propper Gewässer ze kréien.

Just fir ze vergläichen: An där Period virdrun, zwëschent 2004 an 1999, do goufen 117,27 Milliounen investéiert, an an der Period vun 1994 bis 1999 87,58 Milliounen. Wann ech dat also da kucken, da stellen ech fest, dass an deenen zéng Joer, ier mer d'Verwaltung haten, 204 Milliounen investéiert goufen. Säit mer d'Verwaltung hunn, goufen 218 Milliounen investéiert, wat kloer beweist, dass mer zu Lëtzebuerg amgaange sinn, am Waasserberäich, a besonnesch am Ofwaasserberäich, an eng modern Waasserpolitik mat enger biologescher Klärung, dass mer do wierklech - wéi géif ech soen? - am 21. Jorhonnert ukomm sinn.

Mir wäerten och an Zukunft musse weider investéieren. Déi Investissementer sinn och gutt an dëser Zäit, well och de Waasserberäich bréngt eppes am Fong geholl fir d'Relance économique an dëse schwierigen Zäiten, well meeschtens kënnen och Lëtzeburger lokal Betriber eng Hand mat upaken, wann investéiert gëtt am Ofwaasserberäich. Dat hunn ech an de leschten Deeg op e puer Plazen hei am Land erlieft, wou Kläranlagen ageweit si gi respektiv RÜBen ageweit gi sinn an esou weider. Dat heescht, am Ofwaasserberäich gëtt vill Geld vun de Gemengepappen an - mammen investéiert, wat ee soll ervirsträichen a wat och da sécherlech dozou féiere wäert, dass den Effet crise sech am Fong geholl da manner bemierkbar mécht.

Ech hu gesot, dass mer nach vill Sue mussen an den nächste Joren investéieren - iwwer 500 Milliounen Euro. Déi kënnen net eleng mat budgetäre Mëttele bruecht ginn. Do wäert och musse gekuckt ginn, am Fong geholl aner Modellen, auslännesch Modellen zu Lëtzebuerg ëmzesetzen. Do stellen ech mer vir, dass an deenen nächste Joren och Gelder musse fléissen, an der Zesummenaarbecht, géif ech soen, mat der BEI, fir an dësem Beräich hei ze finanzéieren.

Dat gesot, géif ech mer wënschen, dass och an den nächste Jore weider massiv vun de Gemengen investéiert gëtt. D'Gemenge behale laut neiem Waassergesetz nach ëmmer de Lead, a besonnesch d'Gemeengesyndikater. Déi meescht vun hinnen, déi grouss - SIDEN zum Beispill, oder SIDERO -, déi gëtt et elo säit 15 Joer, an ech wëll dovou profitéieren, all deene Leit, déi am Waasserberäich eng Hand mat upaken, Merci ze soe fir den Asaz am Interessi vu proppere Gewässer hei zu Lëtzebuerg.

Merci fir Är Opmierksamkeet.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen elo iwwert dëse Projet of.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5953 ass eestëmmeg mat 59 Jo-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Fabienne Gaul, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Collette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Carlo Wagner), Claude Meisch (par M. Xavier Bettel) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam (par Mme Viviane Loschetter), François Bausch, Félix Braz (par M. Henri Kox), Camille Gira, Jean Huss (par M. François Bausch), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, den nächste Punkt op eiem Ordre du jour ass de Projet de loi iwwert d'Fusioun vun de Gemenge Clief, Heischent a Munzen.

» **Plusieurs voix.** - Hengescht!

» **M. le Président.** - Clief, Hengescht a Munzen. Den honorabelen Här Marco Schank ass hei de Rapporteur an huet elo d'Wuert.

Neen, Heischent huele mer do net mat derbäi.

6. 5994 - Projet de loi portant fusion des communes de Clervaux, de Heinerscheid et de Munshausen

Rapport de la Commission des Affaires intérieures et de l'Aménagement du Territoire

» **M. Marco Schank (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dee Projet de loi, dee mer haut virleien hunn hei an der Chamber, ass dee vun der Fusioun vun dräi ländleche Gemengen aus dem héijen Norden, notamment Clief, Hengescht a Munzen. Déi Zesummeleung vun deenen dräi Gemenge geschitt och am Kontext vum Artikel 2 vun der Verfassung respektiv vum Artikel 2 vum Gemengesgesetz a féiert dann zur Schafung vun enger neier Gemeng, enger Gemeng, déi wäert den Numm Clief droen, an enger Gemeng, déi wäert iwwer 4.000 Awunner hunn. Op den Dag prezis haut hunn déi dräi Gemenge 4.229 Awunnerinnen an Awunner.

An dësem Sënn huet den Innenminister dee virleien Text och de 17. Februar 2009 an der Chamber déposéiert. De Statsrot huet säin Avis den 21. Abrëll dëst Joer ginn, an en Dag méi spéit an eiser Kommissiouns-